Komiteesversammlung vum 4. März 2009

Wou: Restaurant nierwt dem Café Sud zu Lausanne

Présent: Marie-Paule, Raoul, Fränz, Susanna, Vlad, Tessy

Absent: Marianne

Themen:

1. Swisscup
2. Lausanner Bal
3. Acel Studentenbal
4. Clubrees
5. Schlittfueren
6. Chaleten fir d'Aweiung
7. Sponsoren
8. Cully Jazz Festival
9. Global Village
10. Verschiddenes

---

1) Swisscup

- Gemeng Lausanne, d'Sportshaal Bergière ass di eenzeg Méiglechkeet
- nofroen wéi et mam Parking firun der Haal ass
- 4. Abrell ass deen eenzegen Datum deen méiglech ass
- probéieren d'Haal fir 20 chf pro Stonn ze kréien
- Locatioun vum Hockey Material zu Neuchâtel 30 chf fir den Weekend an 50 chf fir eng Woch, den Vlad freet no wat si genau ennert Weeekend verstinn (vun wini bis wini)
- probéieren d'Haal zu Dorigny an der Woch fir ze trainéieren unzefroen
- Volley an Fussball méi Training Donneschdes maan
- mettes den Restaurant: la Nonna oder ev. Cavallo Bianco (Nuddelen)
- den Restaurant du Rondpoint fir mettes oder owes (mam Parking kucken)
- owes den Restaurant: deen zu Chavannes oder den Relais de Vidy (Fondue & à la carte)
- den Vlad kemmert sech em d'Restauranten an scheckt eng Mail un d'Zürecher an d'Friburger fir ze froen zu wéivill se kommen (nach des woch)
- mat ongeféier 50 bis 60 Lait rechnen
- Waasser, Béier an Croissanten kaafen

2) Lausanner Bal

- Muko ass geplangt dat en den 1. Mee rem opgeet: awer méi en chicen Kader
- se kennen eis réischt am Mee genau Bescheed soen, mee Probabilitéit dat se na Studenten huelen ass kleng
- also huelen mer den Muko net
- mär probeieren den Red fir den Rentréesweekend (11. September) ze kréien (Marianne kann lo definitif den Datum bei hinnen unfroen)
- mussen vill Reklam maan
- een Argument fir d'Lait an den Red ze kréien: den Emile Weber helleft eis zwar net finanziell, mee en huet eis gratis Navetten proposéiert
- d'Wiener maan warscheinlech eng Woch firdrun am Red hieren Bal
- d'Susanna freet di genau Konditiounen beim Weber no fir d'Navette (probéieren fir eng Navette Clausen-Bouillon-Glacis-Bouillon ze kréien)
- den George rem fir d'Affichen froen
- d'M.P. freet d'Konditiounen fir Tombolaslousen no

3) Acel Studentenbal

- mussen décidéieren mat weem mer en Stand maan (bei den Friburger ass den Risiko dat se net genug Lait hunn)
- bei den Sweden nofroen (M.P.)
- d'M.P. kann nofroen fir eventuel d'Spretzen fir naischt ze kréien
- mussen éischter fir Spretzen nofroen wéi d'läscht Joer (Ouschteren)

4) Clubrees

- Camionetten 400 chf méi deier wéi d'läscht Joer
- 3 Camionetten fir 3 Deeg ass am bellegsten, well soss net genuch km am Prais mat dran sinn
- Chauffeuren sichen, den Raoul Chauffeur vun der mettelster Camionette
- mam Christian Kauth schwätzen fir Info vun Turin ze kréien (Susanna)
- Guiden nokucken (Susanna an Fränz)
- nofroen mam Parking vun der Jugendherberg (Susanna)

5) Schlittfueren

- Rendez-vous: EPFL um 4 Auer
- mam Wierder nofroen op et geet
- Benzin gett bezuelt fir all Auto mat 4 Lait
- 150 chf Budget fir d'Schlitten an Waaser beim Iessen (den Wain ass schon am Prais mat dran)

6) Chaleten fir d'Aweiung

- 3 Méiglechkeeten:
- 1. Mudon, mee Plaatzen limitéiert. 12 chf pro Persoun
- 2. Bloney bei der Gemeng Renens: 550 chf, mol nofroen an ukucken goen an mat den Parkplaatzen nokucken, Problem: Feiermelder
- 3. en Refuge ouni Schloofgeleegenheet
- fir den 10 Oktober (Weekend no der Magistrale an firun der Reel)

7) Sponsoren

- Entreprisen wou mer na keng Aentwert kritt hunn: Foyer, Schroeder & Associés (Thierry Flies mecht Presentatioun op der EPFL), Imprimerie Centrale, Llyonds, Lux GSM, PWC, Vins Moselle, Ernst & Young, Evidence Security, Arendt
- bei L&M Technik gesait et net schelcht aus
- Emile Weber: vlait Navetten
- Autocenter Gödert ass interesséiert mee kruuten na keng Aentwert
- vun KPMG an Hotel Royal kruuten mer eng negativ Aentwert
- bei Paul Wurth muss d'Susanna na eng Kéier uruffen
- bei Husky ass d'Mail net ukomm
- bei Deloitte wuar den Responsabel net do
- eventuel bei der Post nofroen
- proposéieren dat mer den Entreprisen Presentatiounen organiséieren als Argument benotzen

8) Cully Jazz Festival

- d'Concerten mat Setzplaatzen schengen gud ze sinn
- d'Concerten mat Steeplaatzen schengen net sou gud ze sinn
- Prais fir Setzplaatzen zimlech deier (50 chf)
- décidéiert einfach an den Kalenner ze schreiwen an dann duerch Cully ze goen an an d'Caféen kucken ze goen
- den Link dobai maan wann een un Tickéen interesséiert ass

9) Global Village

- beim Kristina nofroen
- mär hunn na 1 Faas Bofferdeng, maximum 2 Fässer huelen
- Zaapanlag vum Sat
- den Ralph huet 3 eidel Fässer an d'Zapanlag
- den Zränz huet d'Museksanlag an d'Luuten am Keller
- d'M.P. kann nofroen fir vlait gratis Kachkéis ze kréien
- Ouschteren nokucken wat mer na vun Bröschuren hunn an dann der na beim Ministère du Tourisme unfroen

10) Verschiddenes

- Poloen: d'M.P. kruut na keng Aentwert op seng Mail, den Raoul rifft do un
- fir den Autosalon gett naischt vum Club organiséiert
- Budget: 10000 € um letz. Konto, 4600 um schwaitzer Konto, wann mer puer Sponsoren kreien, kann den Bal duergoen wann en d'Käschten gedeckt kritt, dann geet den budget 2009 op 0 op.
- den Fränz kuckt fir en Datum fir Mama Mia an scheckt eng Mail,glaich Mail fir den Sundance (Susanna)
- Diplomanteniessen den 30. Mee, den Raoul scheckt eng Mail op den Datum ok ass fir d'Diplomanten
- den Fränz schreiwt den Rapport vum Skiweekend fir den Intercercle
- den Raoul an den Joël kucken fir den Server ze wiesselen
- d'M.P. huet proposéiert den E-leo op den Site ze setzen